



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON, vum Här
Educatiounsminister Claude MEISCH a vum Här Minister fir bannenzeg
Sécherheet Henri KOX op d'parlamentaresch Fro n°7714 vum 6. Mäerz 2023 vun
den honorabelen Deputéierten Léon GLODEN an Octavie MODERT iwwer de
Jugendschutz**

1. Wéi kéint d'Kooperatioun vu potentielle jonke Stroftäter mat der Police encouragéiert ginn?

Hei sief op d'Äntwert zu der parlamentarescher Fro n° 6534 vum 22. Juli 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup verweisen, an där d'Preventiounsaarbecht an d'Jugendarbecht vun der Police ausféierlech beschriwwen ginn.

2. Wéi kéint d'Police am Zweiwelsfall méi séier den Alter vun engem Jonken iwwerpräiwen?

D'Röntgen vum Handgelenk wäert an de meeschten Fäll de séiersten Moyenn bleiwen fir am Zweiwelsfall den Alter vu Jonker, déi net zu Lëtzebuerg enregistréiert sinn, z'iwwerpräiwen. All aner Recherche an Ufro am Ausland, virausgesaat et kennt een d'Referenzland, dauert méi laang.

3. Wéi oft kënnt et vir, dass Jonker aus den oppene Strukture vum CSEE, wou se placéiert gi sinn, fortlafen?

Et sief drop higewisen, datt d'Police grand-ducale keng Zuelen iwwert Jonker, déi aus oppene Strukture fortgelaf sinn, féiert.

Als oppe Struktur vun der Kanner- a Familljenhëllef ass de Centre socio-éducatif de l'État (CSEE), wéi all aner Struktur aus dësem Beräich, vu Fuguë betraff.

Generell gëtt tëschen zwou Zorte vu Fuguen ënnerscheet. Engersäits kënnt et vir, datt Jonker fir e puer Deeg aus dem CSEE fortlafen. Dës Fuguë stelle bal ëmmer Versich vun deene Jonken duer, fir konkret perséinlech oder familiär Problemer ze léisen. No e puer Deeg kommen déi Jonk selwer a fräiwëlleg nees zeréck an de CSEE.

Bei der zweeter Kategorie vu Fuguen handelt et sech ëm ganz laang Absencen aus dem CSEE, bei deenen déi Jonk net plangen, erëm zeréck ze kommen. Dëst kënnt vir, wa Jugendlecher sech net op d'Prise en charge am CSEE kënnen oder wëllen aloossen. Deelweis handelt et sech bei dëse Jonken ëm Jugendlech, déi ouni Begleedung aus dem Ausland op Lëtzebuerg komm sinn a vu virera geplangt haten, weider an een aner Land ze reesen. Déi zweet Kategorie vu Fuguen ass allerdéngs ganz seelen. Iwwert déi genau Unzuel vu Fuguë féiert de CSEE keng Statistiken.



- Wéi oft handelt et sech dobäi ëm Jonker déi eigentlech an der UNISEC hätte solle placéiert ginn?

D'Statistiken déi vun der Justiz gefouert ginn erlaben et net, dës Donnéen kënnen unzeginn.

- Wat ënnerhëlt d'Regierung fir dat ze verhënneren?

Fuguë vu Jugendlechen aus Structure vum Jugendschutz sinn, wéi an der Fro 3 erkläert, eng Realitéit, déi sech aus dem schwierege Kontext ergëtt, an deem déi Jugendlech sech befannen. Dofir gëtt et an deene Fäll keng allgemenggülteg Léisung, mee et ass eng Fro vun der pädagogescher Prise en charge. Am CSEE entwéckelt een sech permanent weider, fir beschtméiglech op déi Realitéit kënnen ze reagéieren, sief et duerch Formation continue oder Supervisioun.

Lëtzebuerg, den 18 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson